CSV BIISSEN

Um Liichtmëssdag, 2. Februar 2022, war ëm 14:00 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung. Eis Conseillère Joëlle Fagny war entschëllegt, wärend de Conseiller Kevin Englebert nom Punkt 5 d'Sitzung verlooss huet.

## 1) Approbation de plusieurs actes notariés

Den Här Gast Raths keeft fir 40.000 Euro e 56 Zentiar groussen Terrain an der Rue de l'Attert.

D'Koppel Jessica Gonçalves Da Costa an Alexandre Pereira Lopes keeft fir 326.340 Euro e 4,41 Ar grousse Bauterrain am Lotissement "An der Bléi".

## 2) Approbation d'un contrat de bail

Mat der Gesellschaft Tora s.à r.l. vu Mutfert gouf e Mietvertrag fir d'Exploitatioun vum künftege CycloCroc am fréiere Garde-Haischen ofgeschloss. De Vertrag leeft iwwer 2 Joer, kann awer verlängert ginn. Fir d'Méint Abrëll bis September bezilt d'Gesellschaft e monatleche Loyer vu 500 Euro HTVA, fir d'Wantermëint 250 Euro HTVA. Fir dëse Loyer stellt d'Gemeng net nëmmen d'Gebai mat enger amenagéierter Kichen zur Verfügung, mee och 2 Cargobikes an elektresch Remorque fir dës Cargobikes.

D'CSV-Fraktioun huet géint dëse Mietvertrag gestëmmt, vu datt néierens am Vertrag eppes Konkretes zu den Ëffnungszäite steet. Och ass de Loyer par rapport zu den Investitiounen, déi d'Gemeng an d'Gebai stécht, ganz niddreg.

## 3) Approbation de plusieurs devis

### 3a) Modification des feux tricolores

Fir 20.000 Euro ginn d'Stroosseluuchten op der Place de l'Immigration ëmgestallt. Esou gi Kameraen installéiert, déi erkennen, wann e Vëlosfuerer un enger vun der roude Luuchten op déi gréng Luucht waart. Bis elo war nämlech de Problem, datt d'Vëlosfuerer vun de Sensoren um Buedem net erkannt ginn.

An dësem Kontext soll nach eng Kéier gepréift ginn, fir d'Luuchtephas fir d'Foussgänger unzepassen. Am Ablack muss een nämlech als Foussgänger bei der Agence Feith iwwer d'Strooss sprinten.

### 3b) Aménagement d'une aire de jeux

Um Fousswee vun « Um Knapp » erof an d'Mierscherstrooss gëtt an der Hanglag fir 47.000 Euro eng Spillplaz opgeriicht. Dono zielt e Klettergerüst fir déi ganz kleng Kanner an e Kloternetz fir d'Kanner an der Alterskategorie vu 5 bis 12 Joer.

**3c) Modifications diverses dans et autour du complexe sportif**

Fir 130.000 Euro gi verschidden Ännerungen an der Sportshal (a ronderëm) virgeholl:

- Installatioun vun engem Ecran an der Entrée ;
- Installatioun vun engem neien an hoffentlech méi performante Soundsystem fir d'Tribün an d'Fousballterrains;
- Installatioun vun 12 Haartrockner, déi an der Héicht verstallt kënne ginn;
- Reamenagement vum FC Atert sengem Vestiaire an de Faarwe vum Veräin (schwaarz/giel);
- Integratioun vum Chauffage- a Ventilatiounssystem an de Programm AiO, deen d'Gemeng fir d'Gestioun vun den anere Gemengegebaier benotzt;
- Liwwerung vun engem prefabrizéierte Keessehaischen.

Op Nofro vun der CSV-Fraktioun huet de Buergermeeschter präziséiert, datt déi ablécklich Ariichtung vum FC Atert sengem Vestiaire an anere Raimlechkeete vun der Sportshal installéiert gëtt.

**3d) Outdoorfitness – Phase II**

An der Mobilitéitswoch goufen d'lescht Joer e puer Outdoorfitness-Apparater am Bësch beim Léierpad virgestallt. Esou Geräter fënnt een elo och um Automotive Campus.

Fir 345.000 Euro gëtt elo déi 2. Phas agelaut (obwuel am Budget nëmmen 170.000 Euro virgesi sinn). Deemno kommen elo zousätzlech, méi grouss Apparater, an zwar an de Frounert (direkt hannert d'Hal Frounert), bei den ale Foussballterrain "a Pafent" a bei de Sportskomplex um Klengbuusbierg.

**3e) Mise en place d'un « Fussgängerleitsystem »**

Mat enger externer Firma gouf e Plang mat sougenannte « Points of interest » ausgeschafft (z.B. verschidde Gemengegebaier oder d'Kalleksbréck). Zugläich gouf ausgerechent, wéi laang een zu Fouss vun engem Punkt A op e Punkt B braucht, wat elo och ausgeschëldert gëtt. Dës Honorairen ewéi elo och d'Schëlder kaschten am Ganzen 180.000 Euro.

D'CSV-Fraktioun huet géint dësen Devis gestëmmt, well mir eis d'Fro gestallt hunn, wat dat fir en Notze fir d'Biisser Awunner huet. Schliisslech si mir jo keng Weltstad.

**3f) Construction d'un nouveau réservoir d'eau potable**

Opgrond vum Bevëlkerungswuesstem geet d'Späicherkapazitéit vum Drénkwaasserreservoir an der Rue de la chapelle (Wobierg) net méi duer. Och ass en net ideal geleeën, fir mam néidegen Drock de Reseau ze versuergen. Dofir gouf schonns um Jixenhaff en Terrain fir de Bau vun engem Basséng kaaft.

De Bau kascht 4.350.000 Euro a gesäit herno ewéi eng klassesch hëlze Lagerhal aus (18 Meter breet, 44 Meter laang an 10 Meter héich). An der Hal selwer ginn 2 Inox-Tanken opgeriicht, déi jeeweils eng Kapazitéit vu 500 Kubikmeter wäerten hunn. Et bleift an der Hal awer nach Plaz, fir méi spéit en 3. Inox-Tank opzeriichten. Op d'Hal gëtt eng Photovoltaikanlag installéiert, dës Investitioun ass warscheinlech no 10 Joer ofgeschriwwen.

## 4) Adoption de règlements de circulation temporaires

Zënter dem 29. Januar a bis den 19. Februar gëtt de fréiere Café Adam “A Maesch” ofgerappt. Dofir ass d’Rue de la Chapelle (Wobierg) zäitweis méi schmuel. Zweemol ass d’Strooss esouguer ganz gespäert, nämlech de 5. Februar an den 12. Februar. Dës 2 Samschdeger gëtt den Trafic iwwer d’Cité Am Brill ëmgeleet.

## 5) Approbation d’un nouveau règlement de circulation général

An engem Verkéiersreglement ginn all d’Stroosseschëlder ewéi och d’Parken an alle Stroosse gereegelt. An de leschte Jore sinn eng Parti Stroossen derbäikomm (z.B. Am Brill, An der Bléi, Um Knapp, ZAC Klengbuusbierg) an dofir war en Iwwerschaffe vum Reglement néideg.

Hei déi wichtegst Ännerungen:

- An der ganzer Gemeng däerf een an Zukunft maximal 24 Stonnen op der selwechter Plaz un den ëffentleche Stroossen parken (bis elo 48 Stonnen).
- Beim Bäcker an der Impasse Merelbaach duerf een héchstens 15 Minutte parken.
- Op der Gemengeplaz ewéi op verschiddene Plazen an der Rue de la Gare muss an Zukunft den Disque gesat ginn.
- An der Rue de Reckange tëschent der Renkelsgaass an der Eisebunnsbréck duerf net méi geparkt ginn. Dat selwecht gëllt a Pafent tëschent den Haiser 11 a 24.
- An der Rue des Forges ewéi an der Hondsgaass (tëschent den Haiser 1 a 26) duerf nëmmen nach op markéierte Plaze geparkt ginn.
- D’Vëlosfuerer duerfen an der Rue du cimetière géint d’Faartrichtung rullen, wärend se fir d’Autofuerer weiderhin eng Einbahnstrooss bleift.

D’CSV-Fraktioun huet sech intensiv mam Reglement befaasst an e puer Onkäherenze festgestallt:

- Fir d’Industriezon ZAC Klengbuusbierg huet d’Vitesslimitatioun op 50 km/h gefeelt.
- Bei de Parkplazen hannert der Maison de la musique an der Rue de la Gare ewéi am Frounert huet de Parkverbuet fir Camione gefeelt (< 3,5 t).
- D’Parkplazen hannert der Kierch waren net reglementéiert.

De Schäfferot war domadder d’accord, fir dës Punkten ze berücksichtegen.

## 6) Prise en charge des frais CovidCheck

Fir d’Joer 2022 kënnen d’Veräiner dräimol am Joer Fraisen, déi mam CovidCheck ze dinn hunn, bis zu engem Maximalbetrag vun 900 Euro pro Manifestatioun als extraordinäre Subsid rembourséiert kréien.

## 7) Adoption d’un règlement communal relatif à l’établissement de « food trucks »

Mat dësem Reglement gi fënnef Gemengeplazen designéiert, wou sech – nodeems eng Demande un d’Gemeng gemeet gouf - e Food Truck histelle kann. Dës Plazen (Place de l’Immigration, Place de l’Attert, Am Brill, Busarrêt Steekräiz a Place de la Mairie) goufen erausgesicht, well se no bei engem

Stroumtrafo sinn. De Food Trucks ass nämlech elo verbueden, fir mat Aggregatoren ze schaffen. D'Food Trucks sinn invitéiert (awer net obligéiert), eng « Charte écoresponsable » anzehalen.

**8) Adoption d'un nouveau règlement d'utilisation du hall omnisports**

Am Notzungsreglement fir d'Sportshal si verschidde Punkte festgehalen, ewéi zum Beispill d'Ëffnungszäiten, d'Benotze vun der Buvette, d'Maximalkapazitéit vun den Tribünen, den Accès zum Fitnessraum an d'Benotze vun der Kloterwand.

Op Interventioun vum Conseiller Georges Lucius a vun der CSV-Fraktioun gouf d'Reglement esou ofgeännert, datt de Schäfferot net vu sech aus permanent d'Reglement ofännere kann, mee datt all Modifikatioun um Reglement dem Gemengerot zum Vote virgeluecht muss ginn.

**9) Adoption du règlement-taxe concernant l'utilisation des salles communales**

Et gouf kloer gestallt, datt d'Säll an der Sportshal net vu Privatleit oder vu Gesellschafte bei der Gemeng kënne gelount ginn.

**10) Fixation d'une taxe pour l'établissement de « food trucks »**

Pro Semester muss e Food-Truck 350 Euro bezuelen. Domadder ass e Food-Truck da berechtegt, fir emol d'Woch säi Stand op enger Gemengeplaz opzestellen.